

## VIVRE ENSEMBLE au Luxembourg

Den Titel vum Sondage ass einfach **'vivre ensemble' – zesumme liewen** zu Lëtzebuerg an 2 Wieder

a net ,le vivre ensemble' d'Zesummeliwien zu Lëtzebuerg an 1 Wuert – e klénge feinen Ënnerscheid, dee, sief gesot, eragerutscht ass an eise Projet; deen Titel schénkt awer méi richteg an ubruecht wann een d'Resultater kuckt.

Mer liewen wi mer schonns lang wëssen a feststellen an enger Gesellschaft déi gezechent ass vun Individualiséierung, hei hu mer eng däitlech Illustratioun: wat mécht d'Identéit, **méng Identitéit** aus...

**Méng Famill** fir 7 Persounen vun 10 – main direkt Ëmfeld, eng Familienzell di jo ëmmer mi kléng gëtt, duerno meng **Sprooch** vun doheem (ex Mammesprooch) an di Sproochen di ech schwetzen, kuerz duerno d'Nationalitéit an déi däitlech méi bei de Stacklëtzebuenger (56%) wi bei den Net-stacklëtzebuenger (37% Duebel-Nationalitéit an 32% Ausländer)

**D'Individuatioun** ass och an der Lëtzebuenger Gesellschaft e ganz däitleche Phenomen (niewt der Individualiséierung, eng ,Verstärkung' dofun), net just dass ee sech selwer am nächsten ass, mee och nach dass **den Einzelne fu sech aus** déinkt a réagéiert a manner sech déinkt als Member vun der Gesellschaft; dëst ass eng gesellschaftlech Dynamik. (net di eenzech Dynamik, mee se ass dominant an ënnerschwelleg)

Wesentlech ass awer feststellen dass **9 vun 10 sech als Bierger** vun dësem Land spieren, dat heescht och als Bierger an dësem Land. Di aner 10% soll een awer net vergiessen.

**D'Exekutiv**, a besonnesch de lokale kommunale Nivo si gefrot, an de Bierger erward sech hei eng Äntwert op seng Erwardungen a Suergen; besonnesch den auslännesche Matbierger deen hei am Sondage dozou befrot ginn ass seet dat an dat Resultat aus aneren Ëmfroe kloer bestäet; eis Gemenge si gefuerdert a brauchen dofir di néideg Kompetenzen a Kapazitéiten.

Mer sinn zu Lëtzebuerg wann een de Pass aleng kukt quasi 50/50 Lëtzebuerger – nët Lëtzebuerger; ëmmer méi Bierger hunn 2 Päss. Interessant ass am Sondage ze gesinn dass dës Leit bei der Analys vun de Resultater oft méi no sinn bei den auslännesche Matbierger sinn, wéi bei de lëtzebuerger, dat verwonnert de Soziolog guer net, hei ass et dokumentéiert; dass di Leit mat 2 Päss doriwer eraus en eegene Profil hunn ass och interessant, de Phenomen hält zou a mer kënnen en an Zukunft besser analyséieren (**immigrant background** ass e wesentlechen Indikator fir d'Sozialwëssenschaftler fir dëst Land ze verstoen, et wier flott wa mer an der nexter Vollekszielung déi Informatioun kënten erhiewen, Message un de Statec)

Mer hunn d'Analys héieren wat wichteg fir Lëtzebuerger ze ginn an ze sinn: dat ass **PRAGMATISMUS PUR** a net staark revendikativ: eng Residenzklausel vu 5 Joer (op d'manst) a sech behuelen a schwetzen wi d'Leit (da geet et der wi de Leit), dat sinn di wichtegst Kritären fir Lëtzebuerger ze ginn a net ob een hei gebuer ass oder ob d'Eltere Lëtzebuerger sinn. A wann een lëtzebuerger Wuerzelen huet oder mat engem Lëtzebuerger bestuet ass, da solle mer deene Leit de Wee vereinfache fir e lëtzebuerger Pass ze kréien.

Fir d'ONG'en a fir d'Politik op alle Nivoen ass dëst eng Erausfuerderung wat hir Fuerderungen an hiren Asaz fir den **Intérêt général** ugeet.